

D'Supportservicer ronderëm d'Finanzplaz

Eng Finanzplaz besteet haaptsächlech aus Finanzinstitutiounen wéi Banken, Verméigensverwalter, Versicherungsgesellschaften an aus Infrastruktur fir Kapitalmäert.

Mä et ginn awer och eng helle Wull aner Entreprisen, déi spezialiséiert Berodungs- a Verwaltungsservicer ubidden fir d'Finanzinstitutiounen bei hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen. Dat kënnen Etüden sinn, Fiduciairen, souwéi IT- oder Personalvermittlungsplattformen (Headhunter). Elleng an Etüden an a Berodungs- a Verwaltungsservicer schaffen 7.500 Leit zu Lëtzebuerg.

Si sinn en Deel vum Ganzen an hiert Fachwëssen dréit zu der globaler positiver Entwécklung vun der Finanzplaz bäi.



- d'Finanzinstitutiounen brauchen
Ënnerstëtzung, vun z.B.:
 - Etüden
 - Fiduciairen
 - IT-Plattformen
 - Personalvermittlungsbüroen (Headhunter)
- Elleng an Etüden an a Berodungs- a
Verwaltungsservicer schaffen 7.500 Leit zu
Lëtzebuerg

- **International a lokal Etüden** déi besonnesch am Finanz- a Wirtschaftssektor aktiv sinn, berode Banken wann et ëm Emissiounen vu Scholden an Aktie geet. Si beroden och um reschtlechen a reglementairem Niveau, setzen Dokumenter op, verhandelen Kontrakter fir Autorisatiounen unzufroen. Si beroden och d'Asset Manager beim Lancement vun engem neien Investmentfond a Saachen legal Dokumentatioun an Autorisatioun fir dass de Fond och a ganz Europa verkaaft ginn.
- **Fiduciairen an Auditfirmen** iwwerpréieren d'Konten vu Finanzinstitutiounen an internationale Banken a garantéieren dass all national an international Finanzreglementer och respektéiert ginn.
- An enger Welt déi ëmmer méi vun der Technologie gefouert gëtt, sichen d'Finanzinstitutiounen och fabel Partner an der IT déi si bei der Gestiou vun **Hardware, Software** an och a Froen vun der **Cybersécherheet** ënnerstëtzen kënnen.
- Schliisslech sichen **Personalvermittlungsplattformen** oder Headhunter national oder international talentéiert Persounen fir d'Finanzplaz. D'Professionnalitéit vun de Leit déi op der Lëtzebuerger Finanzplaz schaffen ass nämlech primordial fir hir Zukunft.